ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sozialminister, den Här Aarbechtsminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit heefe sech d'Reklamatioune vu Patienten, déi net zefridde mam Contrôle médical vun der Sécurité sociale sinn. Vill Patiente wëssen och net, wat fir Decisioune bindend sinn: déi vum Dokter vum Contrôle médical oder déi vun hirem Aarbechtsdokter, well et kënnt effektiv zu Fäll, wou sech déi betreffend Attributioune kräizen an sech déi entspriechend Decisioune widderspriechen.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch an un déi Häre Ministeren:

1) Kann d'Regierung preziséieren, wat fir eng Entscheedung bindend ass, wann et zu Kontradiktiounen an den Evaluatioune vu Contrôle médical a Médecine du travail kënnt, wann also beispillsweis ee Patient vu sengem Aarbechtsdokter als „inapte au travail", mee vum Dokter vum Contrôle médical als „apte au travail" erkläert gëtt?
2) Um Site vum Sozialministär ass am Hibléck op d'Attributioune vum Contrôle médical ze liesen: *« Les avis du Contrôle médical de la sécurité sociale à caractère médical et à portée individuelle s'imposent aux institutions concernées. Toutefois, si l'avis du Contrôle médical de la sécurité sociale a été contredit par expertise médicale devant le Conseil arbitral de la sécurité sociale, l'institution concernée juge elle-même de l'opportunité de l'appel. »* Wat fir eng Institutioun jugéiert iwwer d' « opportunité de l'appel » : de Conseil arbitral oder de Contrôle médical ?
3) Fir de Fall, wou de Contrôle médical dës Attributioun huet: Wou läit den Zweck vun enger medezinescher Expertise, déi vum Conseil arbitral validéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten